



AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.

B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette

avek@avek.lu

www.avek.lu

www.facebook.com/aveklu.lu

RCS Luxembourg : F4668

De Kommittee vun der Amicale vum Escher Kolléisch invitéiert ärch op seng nächst Aktivitéit Samschden, de 24. Oktober, déi aus zwee Deeler besteet:

Greiweldenger Kulturpad a Wäiprouf beim Domaine Stronck-Pinnel

De Rendez-Vous ass um 14:30 Auer zu Greiweldeng bei der Kierch. Mer trëppele mat engem Guide den éischten Deel vum Greiweldenger Kulturpad «Wäin, KulTur & Landschaft pur» vun ongeféier 4,5 km (Avis aux amateurs: et kéint een och de ganzen Tour vu 7 km maachen).

Duerno, géint 17:00 Auer, si mer beim Domaine Stronck-Pinnel ukomm.

Um Programm ass eng Wäiprouf mat alle Wäiner a Crémanten an duerno ass en lessen. Um Menu ass:

réi a gekachten Ham, gebootschte Gromperen, Zalot,
Taart a Kaffi

De Präis (tout compris) ass 45,00€ pro Persoun.

Umelle kënnst där ärch **bis de 15. Oktober** mat der Iwwerweisung op de Konto vun der Amicale des anciens élèves du Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette dite Amicale vum Escher Kollé'sch LU74 1111 0049 4797 0000. Är Partner si wëllkomm.

Rees 2027 am Süde vu Kampanien

Mär informéieren ärch iwwert eis Rees 2027, déi vum 04. bis den 11. Abrëll 2027 am Süde vu Kampanien stattfënnt. Um Programm sti Sorrento, Capri, Neapel, de Vesuv, d'Küst vum Amalfi, Paestum an de kinnekleche Palais vu Caserta. Där kritt weider Detailer an eisem nächste Courier matgedeelt.

Léif Gréiss,

De Kommittee vun der Amicale vum Escher Kolléisch

De Kommittee erënnert Iech un säin „**Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch**“, mat deem mir all sozial Ausgabe finanzéieren. De Kommittee seet ärch Merci fir är generéis Donen, déi där op de folgende Konto *Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch* iwwerweise kënnst:

BGL BNP Paribas, Konto BGLL IBAN LU19 0031 0845 2094 0000